



REÇU
Par Christine Wirgen, 22:14, 07/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Aarbecht weiderzeleeden.

D'Corona-Pandemie an déi dovun ausgoend Beschränkungen op d'Wirtschaft hunn dozou gefouert, dass am Loftverkéier Fligeren hu missten um Buedem bleiwen an d'Geschäftsaktivitéit op quasi null reduzéiert gouf. Heivunner sinn och d'Luxair an hir Mataarbechter betraff.

D'Employéeë vun der Luxair, déi am Normalfall hiere Salaire duerch Weekendtariffer opstocke konnten, verdénge mam Agräife vum Chômage partiel nëmmen nach ronn 80% vun hirem normale Salaire, dëst well de Chômage partiel op 80% vum Grondsalaire plus d'Moyenne vun de Primmen berechent gëtt.

Den Aarbechtsminister selwer hat den 3ten Abrëll 2020 an engem RTL-Interview gesot, dass et all Patron fräi géif stoen méi u seng Salariéeën ze bezuelen ewéi déi 80% vum Chômage partiel. De Staat selwer besëtzt ronn 39% vun den Aktië bäi Luxair an ass domadder och am Verwaltungsrot vun der Entreprise stëmmberechtigt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Goufen et säitens der Regierung Pläng, fir d'Luxair dozou ze beweegen, datt d'Employéeën hiere Grondsalaire zu 100% ausbezuelt géife kréien, dh, datt Luxair déi restlech 20% vum Salaire iwverhëllt?
2. Ass d'Regierung der Meenung, dass de Staat an dëser Krisesituatioun - am Hannergrond vun der d'Ausso vum Aarbechtsminister - mam gudde Beispill virgoe misst a bei der Luxair misst Drock maache, fir dass d'Salariéen 100% vun hierem Salaire kréien?



Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
L-2450 LUXEMBOURG

Luxembourg, le 09/06/2020

Agent en charge	M. Armin Skrozic
Tel :	247 86122
Courriel :	armin.skrozic@mt.etat.lu
Référence interne	MT/SA/QP/QP N°2162

REÇU

Par Alff Christian , 14:21, 09/06/2020

Concerne : Question parlementaire N°2162 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**pr. le Ministre du Travail, de l'Emploi
et de l'Economie sociale et solidaire**



Tom OSWALD
Coordinateur général

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch
op d'parlamentaresch Fro n°2162 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen**

Ad. 1

Nee säitens der Regierung goufen et keng Pläng fir d'Luxair dozou ze beweegen dei restlech 20% vum Salaire ze iwwerhuelen.

Ad. 2

Dest ass eng Decisioun vum Conseil d'administration vun der Luxair. D'Regierung ass awer mam gudden Beispill virgaangen an huet sécher gestallt datt den Chômage partiel net ënnert den Mindestloun kann falen. Betreffend den Chômage partiel müssen déi selwecht Reegelen vir den ganzen Privatsecteur gëllen.